



N°5082  
Reçue le 11.10.2021  
Déclarée recevable  
Président de la Chambre des Députés  
(s.) Fernand Etgen  
Luxembourg, 11.10.2021

Fernand ETGEN  
President vun der  
Chamber vun den Deputéierten  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 11/10/2021

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministère fir Bannenzeg Sécherheet & Finanzen weiderzeleeden.**

Duerch dat ëmmer gréisstert Opkomme vu Kryptowärungen, kënnt och de Lëtzebuergesche Staat an seng Beamten ëmmer ëfters mat dësen a Kontakt - z. B. am Kader vum Steuerrecht oder wann et zu Saisië kënnt.

An deem Zesammenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Am Fall wou de Staat Kryptowärungen beschlagnaamt, wéi ginn dës Wärunge stockéiert? Besetzt de Staat eng Wallet an där d'Coins gespäichert ginn?
2. Am Fall wou de Staat dës Wärunge net selwer stockéiere géif, mee op extern Firmen zréck géif gräifen, kann d'Regierung d'Modalitéite vun dëser Zesummenaarbecht erklären? Wéi gëtt/géif dësen externe Service Provider kontrolléiert (ginn)?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Député



[www.piraten.lu](http://www.piraten.lu)